

Lëtzebuerg, de 24. September 2020

## Akraaftriede vum Gesetz zur Regularisatioun vun de Candidats sursitaires

*Léif Kolleeginnen a Kolleegen,*

### 1. Ännerunge fir de Candidat sursitaire

Wéi dir sécherlech matkritt hutt, ass säit dem 15. September e [Gesetz](#) a Kraaft, dat et de Candidats sursitaires erlaabt, iwwert verschidde Weeër eng Dispens vum Travail de candidature unzufroen. Als Comité vun der FEDUSE/Enseignement-CGFP freeë mir eis, dass eisen onermiddlechen Asaz an dësem Dossier schlussendlech Friichte gedroen huet a sech **vill opgestauten Ongerechtegkeeten an deene kommende Méint a Jore progressiv opléise wäerten.**

All Detailer zur Regularisatioun vun de Candidats sursitaires kënnt dir an eisem ausféierleche [Communiqué vum 20. November 2019](#) noliesen.

Fir eng Dispens vum TC iwwert de Wee vun um Zäitspuerkont (CET) ugespuerten Iwwerstonnen ze kréien, muss een **aktiv eng Demande** stellen. De Comité vun der FEDUSE/Enseignement-CGFP huet heifir eng **Mustervirlag** erstellt, déi dir ënnert deem folgende Link als WORD-Dokument eroflueden an op är perséinlech Situatioun upasse kënnt:

**[DOWNLOAD: Musterdemande zur Dispens vum TC](#)**

Är Demande schéckt dir par voie hiérarchique, also iwwert är Direktioun, un den Educatiounsminister. Heizou sief nach präziséiert, dass d'Regularisatioun net réckwierkend op de 15. September a Kraaft trëtt (eng Nominatioun kann nämlech ni réckwierkend ausgeschwat ginn), mee eréischt ab deem Moment gräift, wou de Minister d'Demande traitéiert huet, natierlech ënnert der Voraussetzung, dass de Candidat

och déi noutwendeg Iwwerstonnen op sengem CET virweise kann. De Comité vun der FEDUSE/Enseignement-CGFP krut verséichert, dass dës Demande séier an onkomplizéiert behandelt wäerte ginn.

## **2. Verbesserung vun der Karriär fir jidder Professor, deen nom 1. Oktober 2015 säin TC ofginn huet**

Des Weidere sief drun erënnert, dass vun dësem Gesetz **net nëmmen déi Kolleginnen a Kollege profitéieren, déi aktuell nach Candidat sursitaire sinn**, mee och alleguer déi, déi nom 1. Oktober 2015 hiren Travail de candidature agereecht hunn. Fir déi betreffen Agente bewierkt déi besote Gesetzesännerung nämlech eng **däitlech Verbesserung vun hirer Karriärspektiv**.

### **Heizou e konkret Beispill :**

*Een Agent krut seng Nominatioun als Candidat-professeur den 1.2.2013 a gouf den 1.10.2018 als Professor nominéiert, nodeems hien säin TC mat Verspéidung validéiert huet. Virum Akraafttriede vun dëser Gesetzesännerung hätt dësen Agent fir Oktober **2021** säin éischten Avancement vun zwee zousätzlechen Echelons (am Normalfall sinn dat 30 p.i.) zegutt gehat a fir Oktober **2028** säin zweeten Avancement vun zwee zousätzlechen Echelons. Duerch d'Akraafttriede vun der Gesetzesännerung kritt dësen Agent säin éischten Avancement vun zwee zousätzlechen Echelons scho fir Oktober **2020** an deen zweete scho fir Oktober **2025**. Och wa keng Sue réckwierkend nobezuelt ginn, sou kënn dësen Agent däitlech éischer an de Genoss vun deene jeeweilegen Avancementer.*

Weider Beispiller fannt dir an eise [Communiqué vum 20. November 2019](#).

De CGPO ass momentan domat beschäftegt, dat neit Gesetz op déi eenzel Agenten z'applizéieren. Och wann dës Prozedur am Eenzelfall e bësse méi laang dauere kann, wäert a jidder Fall e Recalcul op den Datum vum Akraafttriede vum Gesetz gemaach ginn.

**Natierlech schaffe mir och weiderhin un enger genereller Opwärtung vun der Karriär vum Professor E7, genee wéi un enger besserer Bezuelung vun den Iwwerstonnen!** Mat der Aféierung vum Zäitspuerkont (CET) ass eis no jorelaangen zéie Verhandlung jo schonn e grouse Schratt an dës Richtung gelongen.

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der FEDUSE/Enseignement-CGFP